Theeme vum Dag:
D'Lëtzebuerger Geschicht duerch d'Lëns vum Batty Weber sengem *Abreisskalender* (1913-1940)

Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft, Institute of English Studies, Department of Humanities

Universitéit Lëtzebuerg, Campus Belval, 29.-30. Juni 2023

De Batty Weber gehéiert zu deene bekanntsten a produktiivste Schréftsteller an der Lëtzebuerger Literatur- a Kulturgeschicht. Seng Theaterstécker, Romaner a Kuerzgeschichten hunn zu senge Liefzäite bei sengem Publikum groussen Uklang fonnt. Déi gréisste Lieserschaft hat awer seng deeglech Feuilletonsserie an der *Luxemburger Zeitung*, den *Abreisskalender*. An dëse kuerzen a liewegen Texter huet de Weber säin eegent Erliewen als Lëns agesat an huet seng Stadspadséiergäng, seng Kommissiounen an Iergernesser, wéi och seng politesch a philosophesch Reflexioune gedeelt. Esou huet hien op eng uspriechend a publikumsno Manéier all Dag erëm probéiert, d'Bewosstsi vu senge Lieser.inne fir hiert Ëmfeld, hier Geschicht an hier eege Wouerhuelungen ze stimuléieren. Duerch dës Form vun informeller Alldagsgeschichtsschreiwung huet hien eng 'imagined community' vu Lieser.inne kultivéiert, déi natiounsbildend Potential hat.

Säit 2018 sinn dem Batty Weber seng iwwer 7000 *Abreisskalender*-Feuilletonen an digitaler an duerchsichbarer Form accessibel: https://battyweber.uni.lu. Dëst Format mécht et méiglech, dem Weber seng gedanklech Villfalt, seng argumentativ Progressioun, wéi och seng Widderspréch a Meenungsännerungen ze retracéieren.

Eis Tagung invitéiert Fuerscher.innen aus de verschiddenste wëssenschaftleche Gebidder sech mat deem breetgefächerten Theemespektrum vum Weber sengem Feuilletonwierk auserneenzesetzen.

Méiglech Géigestänn wieren:

- Historesch, politesch, a kulturell Evenementer
- Stadgeschicht, Urbanismus an Architektur
- Lands-, Europa-, a Weltgeschicht
- Kierch a Relioun
- Philosophie
- Wëssenschaften
- Gastronomie, Vitikultur a Caféskultur
- Krich a Konflikter
- Monarchie a Kolonialismus
- Landschaft, Regioun, Natur an Ëmwelt, Déierewelt
- Ökonomie, Tourismus, Kommerzgeschicht
- Sproochen, Sproochepolitik a Méisproochegkeet
- Literatur an alle Formen
- Konscht, Molerei, Skulptur, Musek, Danz, Film
- Muséesplangung, Denkmalschutz a kulturelle Patrimoine
- Sport a Fräizäit
- Kandheet, Jugend a Schoul

Nieft enger thematescher Lecture sinn aner Approche méiglech:

- Poetesch a receptiounsästheetesch: den Text a seng Lieserschaft
- Literatursoziologesch: den *Abreisskalender* a sengem editorialen a kulturelle Kontext
- Linguistesch: Sproochen a Sproochgebrauch am *Abreisskalender*
- *Digital Humanities*: Digitaliséierung an Notzung vum Korpus
- Didaktik: den *Abreisskalender* an der Schoul

Méiglech Avenuë fir d'Froestellung:

Wéi beschreift de Batty Weber seng Welt? Wat léiere mir iwwer Lëtzebuerg, Europa an den internationale Kontext aus dem *Abreisskalender*?

Wéi eng Perspektivwiessele weise sech an der Duerstellung vun de verschiddenen Theemen? Wéi artikuléiert de Weber dës Duerstellunge sproochlech, erzieleresch an ästhetesch? Wéi kënne mir dem *Abreisskalender* seng Literarizitéit aschätzen? Wéi politesch ass de Weber am *Abreisskalender*?

Wéi eng national an international iddiegeschichtlech Tendenze falen am Korpus op? Wéi positionéiert de Weber sech zu dësen?

Kënne mir eng historesch Evolutioun an dësen Duerstellungen an Argumenter weisen?

Format:

D'Virträg sollen net méi wéi 20 Minutte laang sinn. Si kënnen op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch oder Englesch sinn.

Schéckt wgl. en **Abstract vun ca. 250 Wierder bis den 31.1.2023** mat enger kuerzer biographescher Presentatioun dem Anne-Marie Millim (anne-marie.millim@uni.lu) an dem Sébastian Thiltges (sebastian.thiltges@uni.lu).